N°4251
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

A menge parlamentaresche Froen aus fréiere Joren n°508, n°5093, n°5403 an n°1123 hat ech d'Fro vum autonome Fueren zu Lëtzebuerg thematiséiert. Bis ewell sinn autonom Autoen op de lëtzebuergesche Stroossen awer nach keng Normalitéit. Am Kader vum Projet 5GCroCo goufen autonom Autoe mam 5G-Netz an der Groussregioun getest.

Den 10ten Abrëll 2026 huet déi holländesch Autoritéit Rijksdienst voor het Wegverkeer (RDW) matgedeelt, datt si Tesla eng europäesch Typeneemegung ginn huet, fir de Fuerassistenzsystem „Full Self Driving Supervised“ zouzeloossen. Dës Geneemegung an engem EU-Memberstaat kann d'Aféierung vum autonomen Fueren an anere Memberstaate vereinfachen.

Et handelt sech dobäi nach net ëm ee vollautonomt Fueren, mee ëm ee System, bei deem de Chauffer weider responsabel bleift an zu all Moment agräife muss.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung Fuerassistenzsystemer wéi „Full Self Driving Supervised“ bis Enn vun dëser Legislatur och op lëtzebuergesche Stroossen erlaben?
    - Falls jo, ënnert wéi enge Konditiounen a Restriktiounen?
    - Falls nee, firwat net?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

2. Wéi wäert d'Decisioun vun der hollännescher RDW sech op Lëtzebuerg auswierken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés